



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°5197 du 9 novembre 2021 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet de la restructuration chez Dupont**

Zu den Attributiounen vum Wirtschaftsministère gehéieren ënnert anerem déi ekonomesch Entwécklung an Diversifikatioun vum Land, genee ewéi d'Promotioun vu Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert. An deem Kontext ass de Wirtschaftsministère den Uspriechpartner fir all Zorte vu Betriber déi sech zu Lëtzebuerg wëllen niddersetze respektiv hir Aktivitéiten hei am Land wëllen ausbauen oder ëmstrukturéieren.

Dofir ass de Wirtschaftsministère och virun der offizieller an ëffentlecher Matdeelung vun der betroffener Entreprise informéiert ginn, dass verschidden Aktivitéitsberäicher vun Dupont vum Grupp verkaaft solle ginn. Dozou gehéiert d'Bedeelegung vum Grupp an der Joint Venture Dupont Teijin Films, grad ewéi och d'Hytrell Wierk zu Conter.

Et gehéiert generell net zu der Zoustännegkeet vum Wirtschaftsministère fir sech a Vertragsverhandlungen, eventuell Transaktiounen oder soss an Diskussiounen ronderëm di strategesch Ausrichtung vu Betriber aktiv ze implizéieren.

Am Interêt vun der wirtschaftlecher Entwécklung an vum Erhale vun den Aarbechtsplaze vum Grupp zu Lëtzebuerg, bleift de Wirtschaftsministère an enkem Kontakt mat der Lëtzebuerger Direktioun vun Dupont fir den Dossier genee ze suivéieren.

Luxembourg, le 09/12/2021

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot